



mussen dëst oder dat beweisen oder dësen oder dee Certificat bréngen.

Ech schloe vir: Kommt, mir ersetzen dat, genau wéi an dësem Gesetzestext, duerch eng einfach Attestation sur l'honneur. An da kann de Stat jo bei sengen eegenen Administratiounen nofroen, ob dat, wat do deklaréiert ginn ass, och richteg ass.

Da sinn ech ganz frou, datt den Här Bodry profitéiert huet vun dësem Débat, fir iwwert d'Wahlgesetz am Allgemengen ze schwätzen an och vun där noutwendeger Reform vun deem Wahlgesetz, well mir als ADR sinn der Meenung, datt dat Wahlgesetz net konform zu eiser Verfassung ass, duerch déi verschidde Gewiichtung vum Lëtzeburger senger Stëmm, jee nodeem wou en hei am Ländche wunnt.

An ech hoffen, datt dës Regierung hir Deklaratioun, datt se wëllt méi demokratesch virgoen, wouermécht an endlech ee richtige Proporz aféiert, wou all Lëtzeburger seng Stëmm d'selwecht vill wäert ass. Och wann dat géif heeschen, datt „Gambia“ haut hei keng Majoritéit hätt.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Déi gréissten Ännerung an deem Gesetz hei kënnt net duerch den urspréngleche Projet de loi, mä se kënnt duerch en Amendement, deen an der Kommissioun a virun de Wahlen duerchgaangen ass, nodeems d'Regierung enger anerer Meenung war an där Kommissiounssitzung virdrun, an dat ass d'Ofschaffung vun der Mindestresidenzklausele, déi bei zwee Joer louch fir Wieler a bei fënnf Joer fir Kandidaten zu den Europawahlen.

Domat gëtt de Prinzip vum europäesche Bierger hei applizéiert, dee säi Wahlrecht iwwerall do unerkannt kritt, wou e grad wunnt. Gradesou wéi e Bierger, dee vu München op Berlin plënnert a säi Wahlrecht do bei de Landeswale mathëlt. Däitschland ass e Federalstat. Europa ass och um Wee, weinstens wat deen heite Punkt ugeet, e Federalstat ze ginn.

Et ass ze begrëssen, dass Lëtzebuerg domadder op déi Ausnahm verzicht, déi et sech als eenzegt Land ausgehandelt hat, wéi déi Bestëmmungen agefouert gi sinn, nämlech eng Mindestresidenzklausele kënnen anzeféieren, wann op d'mannst 20% vun den Awunner Ausländer sinn.

Domadder, mengen ech, an dat ass wichteg awer ze soen, gëtt och implizit unerkannt, dass en héijen Undeel vun Ausländer keen Argument ka si fir en Ausschluss vum Wahlrecht. An domadder kréien déi am Fong geholl recht, déi et nach ni normal fonnt hunn, dass 44% vun den Awunner, dorënner vill Aarbechter, nach ëmmer deelweis vum allgemenge Wahlrecht op deene verschiddenen Niveauen ausgeschloss sinn an zum Beispill ganz ausgeschloss si bei de Chamberswahlen.

Ech wëll domadder soen, dass, wéi et versprach ginn ass, et elo drop wäert ukommen, net nëmme d'Residenzklausele bei de Gemeengewahlen nei ze diskutéieren - do ass eng Resolutioun hei an der Chamber ugeholl ginn de 27. Januar 2011 vun alle Parteien mat Handpiewen -, mä mer och d'Modalitéiten op de Leescht sollen huele vum allgemenge Wahlrecht bei de Chamberswahlen, esou wéi dat am Regierungsprogramm drasteet.

Eis Usiichten zu deene Punkte si scho laang kloer. Mir si fir eng Citoyenneté de résidence bei alle Wahlen, dat heescht fir d'Recht vun allen Awunner, egal wat fir eng Nationalitéit se hunn, och eng aussereuropäesch Nationalitéit, hei viele kënnen ze goen, esou wéi dat, muss een awer och soen, elo scho bei de Gemeengewahlen de Fall ass.

Den eigentlechen Ursprung vun deem Gesetz hei natierlech war net dat. Et war eng europäesch Direktiv, déi festleet, dass auslännesch Kandidaten bei den Europawahlen net méi mussen e Certificat bréngen, dass se Wahlrecht an hirem Land nach hunn an net ewechgeholl kritt hunn, mä et geet elo duer, dass se eng einfach Erklärung bréngen.

Woubäi natierlech de Risiko bei der Défaillance vun Administratiounen an deenen eenzelne Länner, bei Schwierigkeeten, fir Certificaten ze

kréien, eng Bescheinigung ze kréien, dass een d'Wahlrecht nach huet, elo verschobe gëtt awer iergendwéi op déi eenzel Kandidaten an op déi eenzel Parteien, déi natierlech, wa sech déi Deklaratioun sollt als falsch erausstellen - an dat kann awer och einfach de Fall sinn, well ee sech net bewosst ass, wat fir Konsequenzen an der Zäit en Uerteel oder eng administrativ Décisioun an engem gewësse Land kann hunn -, dann hunn natierlech déi Leit déi Konsequenze voll ze droen.

Ech wëll net op déi Schwierigkeeten nach eng kéier agoen, déi den Alex Bodry a sengem Rapport ganz daitlech ugeschnidden huet. Dat ware Schwierigkeeten, déi hu mer och diskutéiert an der Kommissioun. Et féiert zu enger Rechtssécherheet an e puer Fäll, déi net geregelt sinn an Zukunft.

Ech hat mech och dowéinst an der Kommissioun enthalen, bei deem Rapport hei.

Mir wäerten dat Gesetz awer trotzdem stëmmen, och well mer fannen, dass et dréngend ass, dass dat Gesetz muss elo kommen, weinst dem Virzéie vum Wahltermin am Mee an och weinst deenen Terminer, déi an där europäescher Direktiv festgehalen sinn, bis zu deenen dat Gesetz hei muss gestëmmt sinn.

Mir hoffen awer, esou wéi verschidde vu menge Virriedner dat och scho gemaach hunn, dass d'Wahlgesetz an dëser Legislaturperiod wäert generell nach eng kéier iwwerschaaft ginn, fir deene Problemer Rechnung ze droen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Urbany. Domat hätt d'Regierung d'Wuert. D'Wuert huet de Premier- a Statsminister, den Här Xavier Bettel.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Merci, Här President. Fir d'Eischt wëll ech dem Här Alex Bodry Merci soe fir de Rapport. Ech wëll och dem Här Gloden, der Madame Brasseur, dem Här Adam, dem Här Reding an dem Här Urbany Merci soen, déi d'Wuert ergraff hunn.

Jo, wéi gesot, et ass eng Transposition vum enger Direktiv, déi mer hunn. An ech soen lech och Merci als Kommissioun, dass Der esou séier et elo fäerdegbruecht hutt, de Rapport unzehuelen an hei deen Text och an de Plenum ze kréien, well mir hätte soss och legal Problemer gehat, fir iwwerhaupt déi doten Direktiv kënnen ëmzesetzen an dann an der Realitéit och kënnen ze hunn.

Et si vill Saache gesot ginn. Den Här Gloden huet eng prezis Fro gestallt, iwwert déi Kontradiktioun, déi mer hu vu fënnf Joer, der Durée vum Mandat an op där anerer Säit Oktober.

Ech muss lech soen, dass déi fënnf Joer Mandat an den Ae vun der Regierung priméiert op en Datum, deen an enger Verfassung ugin ass, an dass ee muss elo driwwer diskutéieren. Mä, wéi gesot, do muss d'Chamber driwwer diskutéieren. Also, mir sinn awer nach ëmmer der Meenung, dass déi fënnf Joer priméieren op en Datum, deen am Gesetz och steet.

Et ass gesot gi vu verschidde Leit, dass se sech freeën iwwert dat eent oder dat anert. Den Här Reding huet op seng Aart a Weis missen e Kommentar maachen.

Här Reding, et hätt mech och gewonnert, wann Der géint d'Ofschaffung vun enger Residenzklausele gewiescht wäert.

Ech wëll och soen, dass et fir eis en...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wat kommt Der elo zielen?

(*Hilarité*)

Dir kommt vu Pontius op Pilatus.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Neen, ech soe just, et wonnert mech net. Den Här Reding weess jo, vu wat e schwätzt, wann e vu Residenzklausele schwätzt. Dowéinst wonnert et mech net, dass den Här Reding jo näischt dogéint huet.

(*Interruptions*)

► **Une voix.** - Eis Partei ass kloer.

► **M. le Président.** - Am Moment huet just de Statsminister d'Wuert. Ech wär ganz frou, wann Der him d'Wuert géift loossen.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Et ass och geschwat ginn iwwert de Regierungsprogramm, iwwert d'Reform vum Wahlgesetz. Selbstverständlech steet dran, dass do eng Rëtsch vu Reforme sollten och gemaach ginn.

An ech muss lech awer just drun erënneren, dass dat heiten eng Verbesserung ass vun en-

gem Text, wou deemools, wou den éischten Text geholl ginn ass, hei zu Lëtzebuerg schon esou vill Leit probéiert hunn, een deem aneren Angscht ze maachen, dass hei eng Perte vun der Souveränitéit wier, well iwwerhaupt en anere géif bei Europawahlen oder bei Gemeengewahlen vläicht Méiglechkeeten hunn, fir dat eent oder dat anert kënnen ze wien.

A mir gesinn tatsächlech, an dat ass do, dat huet mer e bësse gefeelt: D'Mobilisatioun ass ganz schwaach! Mir gesinn, dass mer wierlech Efforte musse maachen, d'politesch Parteien an och d'Regierung, fir eis EU-Matbierger, déi hei am Land sinn, och ze mobiliséieren, fir wielen ze goen, well mir gesinn, dass d'Participatioun wierklech net ganz staark ass an et wichteg wier, och deene Leit ze soen, wéi hir Rechter och sinn an dass se och dovunner Gebrauch kënnen maachen.

Wéi gesot, ech si frou ze gesinn, dass hei eng Unanimitéit och am héijen Haus ass a soen lech alleguerte Merci fir d'Vertrauen, dat Der eis hei matgitt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung,

► **Une voix.** - Entschëllegt, Här President, den Här Bodry.

► **M. le Président.** - Ah, entschëllegt, Här Rapporteur. Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Ech hätt effektiv eppes nach eng kéier ze soen, wat awer wichteg ass no baussen: Den Délai, fir sech anzeschreiwen elo fir dës Europawahl vum 25. Mee, ass den 28. Februar. Also, d'Leit, Ausländer, déi wëlle mat viele goen, hunn Zäit, sech bis den 28. Februar 2014 anzeschreiwen an d'Wielerléscht.

► **M. le Président.** - Merci. Domat ass dann elo definitiv d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6571. Den Text steet am Dokument 6571³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6571 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Vote ass lancéiert.

(*Interruption*)

Jo, d'Procuratioun ass selbstverständlech och lancéiert.

De Vote ass eriwuer an de Projet de loi 6571 ass mat 60 Jo-Stëmmen, also unanime, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Losché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete verfassungsméisge Vote? Ass dat esou?

(*Assentiment*)

Da soen ech Merci an dann ass dat esou déciéiert.

A mir kommen zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 6630 iwwert déi sougenannten Douzièmes provisoires. Ech widerhuelen dann net nach eng kéier d'Riedzäiten, well mer déi vu virdrun nach wëssen, an ech ginn direkt dem honorabele Rapporteur, dem Här Eugène Berger, d'Wuert. Dir hutt d'Wuert.

5. 6630 - Projet de loi

a) ayant pour objet

1. d'autoriser le Gouvernement à effectuer, au cours des mois de janvier à avril 2014, les dépenses figurant aux tableaux annexés à la présente loi;

2. d'autoriser le Gouvernement à recouvrer les impôts directs et indirects existant au 31 décembre 2013 d'après les lois et tarifs qui en règlent l'assiette et la perception;

3. de proroger certaines dispositions de la loi du 21 décembre 2012 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013

b) portant modification de:

1. la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques;

2. la loi modifiée du 15 juillet 2008 relative au développement économique régional;

3. la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

4. la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 31. Dezember elo leeft dee lafende Budget aus. Et ass awer nach keen neie Budget gestëmmt gi vun der Chamber, deen den 1. Januar kéint starten.

D'Ursaache si bekannt, ech brauch déi net laang ze widerhuelen. Mir haten Neiwenen den 20. Oktober an et ass esou, datt also déi nei Regierung wéineg Zäit hat, keng Geleeënheet nach hat, fir en neie Budget fir 2014 auszuschaffen.

Ech mengen, do muss een där Regierung natierlech - där neier - d'Chance ginn, fir dat awer och kënnen e bëssen a Rou an e bësse mat Virbereedung ze maachen. Déi Zäit muss een hinnen zougustoen. A souwäit mer jo wëssen, soll dann den nächste Budget fir 2014 spëtstens am Februar déposéiert ginn, datt mer deen och kënnen am Abrëll dann d'nächst Joer 2014 stëmmen.

Wat geschitt elo an där Zäit zwësche Januar an Abrëll? Mir wäerten also net hei zu Lëtzebuerg, dat kann ech scho soen, esou Zoustänn kréie wéi an Amerika, wou op eemol vun engem Dag op deen aneren d'Statsbeamten doheem bleiwen, wou dann eng ganz Rei Servicer net méi fonctionnéieren. Dat hu mer hei zu Lëtzebuerg net.

Lëtzebuerg kennt dee System vun den Douzièmes provisoires, dee Budget oder eng Budgetsform vun Douzièmes provisoires. Dat ass kee politesche Budget am klasschesche Sënn, wou ee kann Akzenter setzen, mä dat ass jo eigentlech e reng fonctionnelle Budget, fir datt eben de Stat ka weider fonctionnéieren, bis deen definitive Budget dann am Abrëll gestëmmt wäert sinn.

Et ass esou, datt dann och d'Ziler an deem Budget, déi sinn, fir Kreditter eben zur Verfügung ze stellen, datt déi staatlech Verwaltungen, d'Ministèren, d'Administratiounen an esou weider normal fonctionnéiere kënnen, datt also och d'Statsbeamten hir Pai kënnen kréien, datt keng Büro mussen zougemaach ginn.

Dann ass et och esou, datt d'Regierung iwwert de Budget jo och ëmmer d'Regele festleet, fir kënnen Steieren anezéien. Och dat geet viru



mat engem Budget vun Douzièmes provisoires. Dat heescht, datt also och d'Keess ka weider, fir et emol esou ze soen, opgefëllt ginn.

Déi Zuelen an deenen Douzièmes provisoires, an deem Budget, wéi ginn déi festgeluecht, d'Chifferen, d'Montanten? Dat ass eng Regel; bei den Dépensen ass et déi, datt dat soll vu Januar bis Abrëll goen, véier Méint. Dat ass ronn en Drëttel vum Joer. Wann Der kuckt, kéint een eigentlech soen, et ass e bësse mathematesch. Voilà, mir huelen déi Montante vun deem Budget virdrun, vun 2013, an dann huele mer ronn en Drëttel dann all Kéiers vum Montant, fir dat da bis den Abrëll 2014 anzesetzen.

Do gëtt et liicht Fluctuationen, déi kënnen do entstoen, well do zum Beispill d'Kreditte, déi un der Evolution vum de Salären hänken, natierlech musse berücksichtegt ginn. Och eng Rei Adjustementer am Beräich vun der Sécurité sociale, déi duerch verschidde Gesetzer jo och geregelt sinn, dat muss een awer och hei dann an deem provisoiresche fonctionnelle Budget berücksichtegen.

Bei de Recetten ass et och esou, datt een do wahrscheinlech déi eng oder déi aner Fluctuationen huet. Heiansdo si Rentrées méi fréi am Joer oder zu engem anere Moment. Mä och do gëtt dann einfach en Drëttel agesat.

Natierlech ass et och kloer, datt, wann déi Limité bei de Recetten iwwerschratt ginn, datt do kee Problem ass. Bei den Dépensen natierlech dierf een net déi Limiten, déi am Gesetz stinn, iwwerschreiden.

Wat awer och kloer ass: Et dierfe keng nei Finanzementer vun der Regierung getätigt gi mat deem provisoiresche Budget, ausser et géif an anere Gesetzer preziséiert sinn.

Et muss een och soen, datt esou Douzièmes provisoires näischt Neies sinn hei zu Lëtzebuerg. Wann een e bëssen an der Geschicht nobliedert, da gesäit een, datt zwëschen 1945 an 1969 all Joers - all Joers! - hei an der Chamber Douzièmes provisoires gestëmmt gi sinn.

Wat war do d'Ursaach? Dat war net, well mer Neiwahlen all Joers haten oder soss een Evenement. Neen, do ass ëmmer de Budget an deenen normalen Délais déposiert ginn. D'Diskussionen hunn ugefaangen hei an der Chamber, an dat waren - wahrscheinlech an där Zäit, dat misst een emol e bëssen noliesen - méi laang Diskussionen, do si vill Detailler diskutéiert ginn, soudatt een net bis den 31. Dezember déi Budgetdiskussionen ofgeschloss hat, datt déi alt bis an de Februar eragaange sinn. A fir dann eben nach déi Zäit, wou diskutéiert ginn ass iwwert deen neie Budget, ze iwwerbrécken, sinn dann do och Douzièmes provisoires gestëmmt ginn. Et ass also näischt Neies.

Och an anere Länner an Europa, ënner anerem, kenne mer dee System. A Frankräich, an der Belsch. Oh, et kann een elo soen, et ass vläicht net dat beschte Beispill, mä do war och während praktesch e puer Joer, wou se mat den Douzièmes provisoires gefuer sinn.

Och um europäesche Plang gëtt et Dispositionen am Kader vun dem Paquet, oder den „Twopack“, wéi dat esou schéin heescht, gesäit dat och vir. A mir hunn och hei e Projet de loi unhängeg vum Juli 2013 relatif à la coordination et la gouvernance des finances publiques, deen dat soll ëmsetzen, mä dee gesäit och vir, datt d'europäesch Memberstate kucken, esou Systemer ze hunn, fir datt se kënnen mat enger Aart Douzièmes provisoires fueren.

Bon, wann ech elo no dese Virbemerkungen dann e bëssen zu de méi technesch Detailer komme vun dem Rapport respektiv vum Gesetzesprojet: Also, de Projet ass nach vun där aler Regierung, déi nach am Amt war, den 18. November vum Luc Frieden déposiert ginn. Dofir awer och, ech mengen, dat war eng Saach vu Responsabilitéit, fir déi och ze huelen an dann eben - wéi soll ech soen? - do och net de Risiko opkommen ze loosse, datt eventuell kéint e Vide entsto. Dat do war also eng gutt Viraarbecht vun der viregter Regierung, fir datt eben déi Transition ka stattfannen.

De 6. Dezember hate mer dann déi éischt Finanzkommission, wou ech Rapporteur genannt gi sinn a wou mer eis dann och direkt mat deem Projet beschäftegt hunn. Deeselwechten Dag sinn och verschidden Amendementer vun der neier Regierung déposiert ginn. Dat waren Amendementer haaptsächlech am Beräich vu verschiddenen Engagementer, déi mer national respektiv op europäeschem Plang kënnen weiderféieren an déi den 31. Dezember ausgelaf wieren.

Wat fir Engagementer sinn dat oder wat fir Dispositionen sinn dat, wou nach Amendementer erakomm sinn?

Dat war éischters am Beräich erneierbar Energien. Do ass en Engagement bis 2020 vun der Regierung, och vun eiser Regierung, fir bis 2020 11% erneierbar Energie ze produzéieren respektiv och 10% Agrocaburanten am Baisaz respektiv an der Consommation ze hunn. An dofir ass de Baisaz vun Agrocaburanten am Bensin an am Diesel vun 3,75% op 4,75% eropgesat ginn.

En zweeten Amendement, dat waren déi staatlech Hëllef fir Kleng- a Mëttelentreprise am Kader vun den europäesche regionalen Investitionshëllef. Do hu mer och e Gesetz als Basis vun 2008, an dat leeft elo den 31. Dezember aus. D'Kommission huet déi Hëllef oder dee Kader bis de Juni 2014 verlängert a mir wollten eis do och parallel schalten, fir datt also och dann déi Hëllef, déi Kleng- a Mëttelentreprise kéinte kréien, datt se dat och bis den 30. Juni kéinte kréien.

Da war och en Amendement iwwert d'Hëllef am Beräich vun der Promotioun vu Recherche, Développement an Innovatioun. Och hei ass et haaptsächlech eng Verlängerung vu sechs Méint. Hei geet et drëms, datt Exceptionen bei den Notifikatiounen fir staatlech Hëllef virgesi sinn. Dat war also och en Amendement.

Dann e véierten Amendement, dat war, fir och dat Gesetz vun 2010 iwwert d'Hëllefssystem am Beräich Ëmweltschutz an Utilisation rationnelle des ressources ze verlängeren.

E leschten Amendement, do ass et gaangen ëm eng Ëmsetzung vun engem EU-Reglement betreffend d'Biociden; ech wäert herno nach eng Kéier kuerz drop agoen.

Mir hunn zwee Avisen zu deem Projet de loi gehat. Dee vum Statsrot natierlech, dee mer och musse considéieren. De 6. oder och den 13. Dezember elo, wéi mer de Rapport an der Kommission diskutéiert an ofgestëmmt hunn, krute mer och nach iwwert de Courrier électronique en Avis vun der Chambre des Saliés, deen zwar op de 6. Dezember datéiert war, mä mir kruten deen eréischt den 13. hei an der Chamber eran, soudatt mer deen also net méi am schréffleche Rapport konnte considéieren. Ech maachen herno awer och e kuerze Résumé, eng kuerz Remarque also mëndlech dann, Här President, zu deem Avis.

De Statsrot ka prinzipiell mat där Démarche d'accord sinn. E schwätzt och vun engem provisoiresche Budget, wat eng Rei oder eng Zort Avancen ass, fir datt eben de Stat ka weider fonctionnéieren, bis datt den definitive Budget da gestëmmt ass. E mécht duerfir och keng detailléiert Analys iwwert déi eenzel Dépensen oder Recetten. E mécht och keng Analys iwwer méi generell den Zustand vun de Statsfinanzen, well et wierklech och an där Logik ass strictement vun engem lwwergangsbudget.

En huet da méi eng generell Remarque gehat. Et war och zu deem Moment - dat muss ee verstoen -, wéi de Statsrot den Avis geschriwwen huet, nach net kloer iwwert den Arrêté festgeluecht, wéi d'Kompetenzen innerhalb vun der Regierung opgedeelt waren oder opgedeelt sollte ginn. A mir hunn duerfir och de Rapport eréischt den 13. an der Kommission definitiv guttgeheescht, fir op den Arrêté vun der Regierung ze waarden, dee moies den 13. Dezember geholl gi war, fir dat awer dann nach kënnen afléissen ze loosse respektiv och als Annex derbäi ze hunn.

Dann ass eng aner Remarque, déi mer och considéiert hunn, datt ass dat, wat alles dat betrëft - och an de Budgete steet dat jo gewéinlech -, datt Personal beim Stat kann agestallt ginn, datt een dat soll bis den Abrëll limitéieren an net doriwwer erausgoen. Deem hu mer Rechnung gedroen.

Dann hat de Statsrot e puer méi kritisches Remarques zu verschiddenen Dispositionen am Beräich vun der Sécurité sociale. Dat betrëft verschidden Artikelen, wou et ëm Akten a Lettres-clés geet am Beräich vun der Assurance maladie-maternité an de Laboratoires d'analyses médicales an och am Beräich vun den Tâches domestiques an de Fleegeheimer. De Statsrot kritiséiert, datt déi Prestatiounen net eigentlech sollten an dëst Budgetgesetz ageschriwwen ginn, an e verweist drop, datt et eigentlech do spezifesch Gesetzer gëtt respektiv datt dat soll an de Code vun der Sécurité sociale ageschriwwen ginn.

Mir hunn do och gekuckt, mir haten och an d'Kommission e puer Beamten, e puer Experten aus der Sécurité sociale geruff, fir datt déi eis e puer Erklärungen kéinten derbäiginn. Ech ginn elo net op den Detail dovunner an, dat si relativ technesch Detailler. Déi Leit, déi méi an der Sécurité sociale dra sinn, wäerten dat sé-

cher och besser nach kënnen verstoen oder respektiv wësse wahrscheinlech do méi, wéi de Rapporteur dat hei ka maachen.

Bon, op alle Fall, déi Explikatiounen, déi mer do krute vun de Beamten, dat war, datt déi nei Regierung natierlech muss déi Lettres-clés an d'Dotationen nei négociéieren. Dat gëllt souwuel fir déi Laboratoires d'analyses médicales wéi och aner Saachen. Mä wann awer elo näischt géif am Budgetgesetz stoen, well do sinn eng Rei Saachen 2013 ausgelaf, da kéint och do 2014 näischt fonctionnéieren. Da kéinten elo zum Beispill déi Tâches domestiques an de Fleegeheimer net bezuelt ginn an déi géifen also och net méi prestéiert ginn. Duerfir huet och d'Kommission décidéiert, datt mer déi Artikelen eben, wou et ëm de Beräich vun der Sécurité sociale an eng Rei Prestatiounen geet, drastoe loosse, fir kee Vide juridique ze hunn, fir datt also och dat ka weider fonctionnéieren respektiv weider ka finanzéiert ginn.

Méi grouss Problemer hat de Statsrot mat dem Artikel 36. Dat ass dee vun de Biociden. Dat war dat Amendement, vun deem ech virdu geschwat hat, dat och nach erakomm war. An, fir et kuerz ze maachen, bei de Biociden, wann eng Firma esou eppes wëllt op de Marché bréngen, da muss se eng Demande eraginn. An déi Prozedur, fir déi Demande eranzeginn, fir se traitéieren ze loosse, ka bis maximal 300.000 Euro kaschten. Dann och nach pro Produit kann do d'Verwaltung bis 400.000 Euro froen. Et sinn och Reduktiounen méiglech; wann een eng PME ass bis 60% Reduktiounen.

De Statsrot, ouni elo bis an dee leschten Detail vu sengem Avis anzegoen, huet gesot, datt do awer Problemer wieren, well eigentlech elo awer iwwert déi Biociden nach keen definitiv Gesetz do ass an eng Rei Detailler iwwer Règlements grand-ducaux sollen awer regléiert ginn. A wann een elo awer einfach hei esou de Prinzip aschreift an dat Budgetgesetz an et sinn nach keng Règlements grand-ducaux do, wier de Risiko, datt herno net déi eenzel Entreprise gläich virum Gesetz géife behandelt ginn. Mir hunn einfach décidéiert an der Kommissionsitzung, datt mer dann deen Artikel sträichen, och mat Récksprouch mat de Ministere vun der Ëmwelt a vun der Nohaltegkeet, fir datt mer awer do dann net eventuell mat enger Opposition formelle nach hätte misse eens ginn.

Ech ginn net op all d'Remarquë vum Statsrot an. Do waren och nach verschidde Saachen, wou de Statsrot wollt, datt een de Budget pour ordre och nëmme sollt op véier Méint maachen, wou mer awer gemengt hunn, datt vun der Technik vum Budget pour ordre hier et awer méi sënnavoll wier, datt een dat op dem ganze Joer géif loosse, well déi Budgets pour ordre sech jo och an engem jährelche Kader bewegen.

Den Avis vun der Chambre des Saliés huet haaptsächlech ee Punkt ervirgestrach, deen och an der Kommission diskutéiert ginn ass. Dat war den Artikel 29 vun de Rentenajustementer.

Wéi Der wësst, ass et jo esou, datt d'Rentenajustementer Hand an Hand gi mat der Evolution vun de Paien, vun de Salären. Mir hunn do d'Rechnungen vun der IGSS, an zwëschen 2011 an 2012 ware se réckleefeg. Zwëschen 2012 an 2013 soll e kleng Plus sinn. D'Regierung huet proposéiert, e bësse fir de Minus an de Plus do auszegläichen, fir de Modulateur fir 2012 an 2013 op null ze setzen.

Konkret heescht dat dann, datt also 2014 de Rentenajustement net eigentlech zrëckgeet, wéi et misst sinn, wann ee géif elo wierklech de Modulateur, dee bei minus 0,3 da geleeën hätt, fir dat dann ze applizéieren, an een dat Joer duerno awer dann och net déi Hausse da considéiert. Dat heescht, datt déi zwou Saachen sech eigentlech, ënnert dem Stréch, ausgläichen an datt een dann 2015 d'Compteuren eben op null setzt.

Voilà, dat sinn eigentlech déi wichtegst Elementer vun deem provisoiresche Budget.

Här President, d'Majoritéit vun der Kommission huet dee Rapport och den 13. Dezember ugehall.

Ech hoffen och, datt mer hei an der Chamber eng grouss Stëmmung...

(Hilarité)

...Zoustëmmung, eng gutt Stëmmung hunn an eng grouss Zoustëmmung zu deem Projet de loi wäerte kréien!

Nach eng Kéier gesot: Et ass kee politesche Budget, dat vläicht awer un d'Adress vu verschidde Leit aus der Opposition, déi dat an der Kommission schonn ugedeit hunn. Dat

hei ass wierklech kee politesche Budget. Wann een net fir dee Budget hei stëmmt, muss een zum Beispill dem Här Kartheiser soen, datt en dann also derfir stëmmt, datt d'Statsbeamten den 1. Januar keng Pai méi kréien, datt Kleng-a-Mëttelebetriber...

(Interruption)

...datt Kleng-a-Mëttelebetriber...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sot dem Här Kartheiser dat net. Deen ass net hei.

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.**- Ma, et ass mer einfach esou agefall, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech stëmmen et och net. Ma da loosst wann ech gelift...

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.**- Jo, ma dann, da soen ech dem Här Gibéryen...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sot mir et, sot mir et.

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, lech un d'Chamber ze adresséieren, Här Rapporteur. An ech géif lech alleguer bieden,...

(Interruption et hilarité)

...keng Zwiegesprécher ze maachen. Merci.

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.**-Merci, Här President, datt Der mer dat rappeliert. Effektiv hätt ech eigentlech dat net sollen als Rapporteur soen a verschidde Leit vun der Opposition och invitéieren, fir dee Rapport hei ze stëmmen, d'Gesetz hei ze stëmmen, fir datt se net de Fonctionnement vum Stat a Gefor setze respektiv och, datt eng Rei vun Entrepreneurs da keng Hëllef méi kënnen kréien, op déi se awer Urecht hunn an déi se och onbedéngt brauchen. Dat wier a mengen Aen net ganz responsabel.

Dat gesot, Här President, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi hei abréngen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci villmools. Eisen nächsten agedroene Riedner ass den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Berger, dat Wichtigst virop: D'CSV wäert dese Gesetzesprojet stëmmen!

(Brouhaha et hilarité)

► **Une voix.**- Quelle surprise!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Wat op politeschem Plang déi lescht zwee Méint am Land geschitt ass, jo, dat ass geschitt, mä d'CSV, déi kuckt no vir. Mir maachen dat am Interessi vum Land a vun de Leit. A mir maache keng bëlle Oppositionspolitik.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- D'CSV, déi steet zum moderne Rechtsstat. An dee muss kënnen fonctionnéieren. Duerfir brauch et Kontinuitéit. An dat och iwwert den 31. Dezember vum Joer eraus. D'CSV wëllt de gudde Fonctionnement vum Stat weider garantéieren. Mir wëllen, dass d'Gehälter an d'Paie vun de Statsbedéngschte kënnen ausbezelt ginn. Mir wëllen net, dass d'Pensiounen an d'Sozialleeschungen a Fro gestallt ginn. Eis Institutionen, d'Gerichter, d'Police, d'Armée, déi staatlech Servicer mussen am Interessi vum Land hiren Aufgabe kënnen nogoen.

Mir wëllen, dass lafend Schantercher op Stroossenaarbechten oder de Bau vu Schoulen an aner Gebaier kënnen virugeen, jo, an duerfir brauch de Stat nun eemol Suen. De Stat muss kënnen Steieren ophiewen, Ausgaben tätigen a geschëlte Rechnungen bezuelen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Mat dem Gesetzesprojet iwwert déi sougenannten „Zwieleffel“ stëmme mir och duerfir ee provisoiresche Budget. Verfassungsrechtlech ass de Vote vun dem Budget eigentlech déi gréisste Prärogativ vun der Chamber, also vun eis, deene 60 gewielte Volleksvertreder.

D'Kontrollfunktion vun der Chamber géigeniwwer der Regierung kënnst hei voll zum Drogen. Ouni d'Zoustëmmung vun dem Parlament kënnen keng Steieren opgehewe ginn, ouni eis Zoustëmmung kann d'Regierung och keng



Rechnunge bezuelen. An dës Autorisatioun, déi muss all Joers gi sinn, an zwar virun dem 1. Januar. Geschitt dat net, jo, da wier et eigentlech fir d'Regierung de politesche Feierowend. Mä esou wäit soll et jo awer net kommen, besonnesch elo an der Adventszäit.

► **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

(Interruptions diverses)

► **M. Gilles Roth (CSV).** - D'Prozedur vun de sougenannten „Zwieleffel“ ass eigentlech eng Derogatioun zu dem Prinzip vun der sougenannter „Annualitéit“ vun dem Budget, deen, esou wéi d'Wuert et seet, fir ee Joer opgestallt gëtt. Mä weinst de virgezunnene Neiwahle konnt déi normal Prozedur dëst Joer net applizéiert ginn. An dës Prozedur, déi gouf et iwwerens och bei der Regierungskris 1968, mä, wéi den Eugène Berger dat virdru gesot huet, war dat och all Kéiers an net politesche Krisenzäiten de Fall, nämlech bis zum Joer 1970.

D'Explikatioun war eigentlech déi, dass de Budget eréischt de 15. November déposéiert gouf an dunn déi Diskussiounen awer méi laang iwwer all Rond-point, all Bréck an all Feldwee gefouert hunn an déi sech bis an dat Joer duerno eraus verzögert hunn.

Mat den europäesche Virgaben - an ech mengen, dat ass eppes Wichteges - am Kontext vun dem sougenannten „Semestre européen“ muss déi Praxis vun den Douzièmes provisoires och eng Ausnahm bleiwen. D'Zäitdélaien, déi Bréissel eis virschreift, kënnen soss net agehale ginn. A politesch, muss een och soen, ass et net oportun, well et eigentlech, fir dee wichtigste Gesetzesprojet vum Joer, zu enger ganz steriler a kuerzer Diskussioun kënnt.

Här President, zum Schluss: An dësem Fall muss d'CSV hei wierklech mat ugezunnener Handbrems fueren, well keen anere wéi de fréiere Budgets- a Finanzminister, de Luc Frieden, den 18. November dëst Joer nach de provisoiresche Budget déposéiert huet. An dëse Budget, dee gëllt fir véier Méint. Zäit also fir déi nei Regierung, ee Budget fir d'ganzt Joer 2014 opstellen. An d'CSV ass da gespaant, ob, Här Finanzminister, a wat fir eng éischt Akzenter Dir am Numm vun der Regierung a virun allem am Liicht vun där villversprachener Erneuerung dann an deem Budget wäert aschreiwen.

Ofschléissend soen ech dann dem Rapporteur, et ass e bëssen ongewinnt, dem Eugène Berger, Merci fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport a soen lech Merci fir Är Gedold, fir mer nozelauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Roth. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetzesprojet knäppt eigentlech d'Regierung, oder d'Regierung an d'Chamber un eng Praxis un, déi kee vun eis heibannen eigentlech de Genoss hat ze erliesen: d'Praxis vun den Douzièmes provisoires. Et muss een effektiv an d'50er oder bis an d'60er Joren zrëckgoen, fir déi dote Praxis erëmfannen, wou et eigentlech keng Seelenheet war, dass, anscheinend weinst der Läng vum den Debatten an der Chamber iwwert de Budget, et dozou komm ass, dass eréischt am Laf vum Joer de Budget gestëmmt ginn ass fir datselwecht Joer.

Mir müssen op dës Praxis vun den Douzièmes provisoires zrëckgräifen, net well iergendee grësseren Accident virkomm wär, mä u sech ass dat heiten eng logesch Suite vun deem Kalenner, deem Budgetskalenner, dee sech ergëtt opgrond vun deene virgezunnene Wahle vum 20. Oktober, wou et ganz einfach zäitlech net méiglech ass, an Zäit vun e puer Deeg e Budgetsprojet dohinnerzeleeën, dee schonn d'Handschrëft géif droe vun där Regierung, déi grad am Amt wär. Och mat den Délaien, fir d'Avisen ze maachen, mat de Chambersaarbechte wär et onméiglech gewiescht, hei nach viru Joresenn kënnen e Budget an der gudder aler Form, wéi mer e kannt hunn, ze stëmmen.

Duerfir mengen ech ass et ze begrëssen, dass scho relativ fréi Kontakter opgeholl si gi vun der viregter Regierung mat deene Leit, déi amgaange waren ze probéieren eng nei Regierung op d'Been ze stellen, fir e Modus Vivendi ze fannen. An am géigesäitege Versteesdemech ass eigentlech vun der geschäftsführender Regierung dann den Dépôt vun deem heite spezi-

fesche Projet de loi gemaach ginn, deen also eng Autorisatioun duerstellt fir d'Regierung, eng Rei vun Ausgaben ze tätége respektiv Einnahmen ze erhiewen, an dat ebe während deenen éischte véier Méint vum Joer 2014.

Dat ass natierlech och domadder verbonnen, d'Obligatioun vun der Regierung, vun dëser Regierung an dem Parlament, derfir ze suergen, dass virun där doter Échéance dann och en zeguttsene Budgetsprojet hei gestëmmt gëtt vum Parlament an och kann a Kraaft trieden.

Ech géif wëlle vläicht zwou Léieren zéien aus där heiter Situatioun, déi jo ideal net ass - dat muss ee jo zouginn.

Déi éischt Fro stellt sech, ob een net sech misst awer déi Praxis - well et gëtt kee Gesetzestext zu Lëtzebuerg, deen déi Douzièmes provisoires regelt; et muss ee sech op eng Coutume bezéien -, ob een net misst sech fest gesetzlech Regele gi fir déi Douzièmes provisoires. Ech mengen, am Gemengesektor gëtt et den Ufank vun enger Regelung, mä um nationale Plang gëtt et näischt. An et wier vläicht interessant awer an eise Kontabilitéitsgesetz, wat jo och deemnächst wäert reforméiert ginn, och déi dote Méiglechkeet vum Douzième provisoire ze verankeren.

Vläicht kéint een dat esou ronnbréngen, dass ee souguer do eng Rei vu feste Regele géif draschreiwen. Da wier et vläicht net onbedéngt noutwendeg, e Gesetzesprojet mat deem heite Contenu zu dësem Zäitpunkt hei am Parlament ze diskutéieren. Dat wier nach ze kucken. Op jidde Fall mengen ech wier et eng Saach och vu Rechtssécherheet, fir awer déi Méiglechkeet vun Douzièmes provisoires och an eis national Kontabilitéitsgesetzgebung anzeschreiwen.

Eng zweet Iddi fir d'Zukunft ass natierlech, an déi hänkt mat där Diskussioun, déi mer virdrun ugefaangen an net zu Enn gefouert hunn, vum dem zukünftege Rhythmus vun den Wahlen hei zesummen. Et stellt sech jo effektiv d'Fro, ob een, wann ee bei där Regel - fënnef Joer - bleift, dann ass ee jo an enger Logik dran, wann et net erëm zu virgezunnene Neiwahle kënnt, dass dann all Kéiers am Mount Oktober all fënnef Joer Wahle stattfannen.

Dann hätte mer all fënnef Joer deeselwechte Problem, wéi mer en elo hunn, dass déi Regierung, déi da just a Kraaft ass, net kann e fäerdege Budgetgesetzesprojet maachen. Si muss dann erëm eng Kéier mat engem Provisorium fueren. Dann erëm eng Kéier, no e puer Méint, nohake mat engem aneren Deel vum Budgetgesetz, fir da mat engem Gesetz, fir da schonn erëm d'Preparatioun ze maachen, fir de Budget vun deem Joer drop.

Ech mengen, do si mer eis eens, dat ass keng ideal Situatioun. Wann dat dote géif d'Regel ginn, an net méi d'Ausnahm bleiwen, wär dat an eisen Aen net gutt. An dofir sollt ee wierklech déi Diskussioun, d'Mandatsdauer vun dëser Chamber, och méi wäit kucken, wat dat an Zukunft heescht, och fir den Oflaf vun esou, trotzdeem wichtige, Prozeduren, wéi déi vum Budget.

Dat ass, wéi gesot, eng Diskussioun, déi net, mengen ech, d'Majoritéit géint d'Oppositioun ze féieren huet, mä déi mateneen ze féieren ass, fir ze kucken, wat do déi bescht Regel ass fir de Fonctionnement vum Stat, fir d'politesch Gouvernance och vun engem Land fir déi nächst Jorzéngten. Dat misst eigentlech dat sinn, wat eis soll leeden, wa mer déi dote Fro wëlle besser regelen, wéi dat elo haut méiglech ass.

Eppes Positives kann een awer deem Ganzen, mengen ech, schonn elo ofgewinnen, dat ass, wann een déi Zuele kuckt, gesäit een natierlech, dass do den Deckel drop ass bei den Dépensen, well jo a priori keng nei zousätzlech Dépense virgesi sinn, quitte dass eng gewësse Flexibilitéit an der Ausféierung mat agebaut ass. Dat heescht, mir hunn eigentlech en Taux de progression vun deem heite provisoiresche Budget fir déi éischt véier Méint, dee manner héich ass wéi dat, wat mer eigentlech déi lescht Joren an der Regel bei eisen zerguttste Budgete kannt hunn. Also dat heite féiert dozou, dass éischter de Fouss beim Mol gehale gëtt, wat de Statsdefizit respektiv wat d'Progressioun vun den Ausgabe vum Budget ugeet.

E Bémol natierlech huet dat Ganzt och, an dat ass déi kuerz Zäit, déi och elo déi nei Regierung huet, fir de Rescht vum Budget opstellen. Wann een do d'Délai berücksichtegt, déi ee brauch, fir dass d'Chamber kann hir Aarbechte maachen, dass d'Avisen erakommen, notament den Avis vum Statsrot erakënn, da bleiwen, menger Rechnung no, der Regierung

vläicht sechs, maximal aacht Wochen, fir elo de Budget fir 2014 fir de Rescht vum Joer opstellen. Dat ass awer immens knapp. Sécherlech wäert deen Zäitraum do et net méiglech maachen, dass dee fundamentale Screening, deen dës Koalitioun jo wëllt maachen, mat sämtlechen Ausgabe fir de Budget 2014, mer praktesch onméiglech ze si schéngt. Dat muss eng Operatioun sinn, déi am vollen Émfang eréischt ka gëlle fir de Budgetsprojet 2015. Nach erwaarde mir och - d'selwecht, wéi dat den CSV-Riedner hei gemaach huet - vun dëser Regierung, dass se awer bei deem Budgetsprojet, dee mer dann héchstwahrscheinlech am Abrëll hei wäerten ze diskutéiere kréien, éischt Akzenter setzt, och wat d'Budgetspolitik ugeet. Kloer Prioritéite vun dëser Regierungskoalitioun müssen och schonn an deem éischte Budgetsprojet 2014 ze erkenne sinn. Och wann ee selbstverständlech an esou kuerzer Zäit net ka vollends an eng komplett aner Richtung goen.

Souwiso stinn eis nach, opgrond vum europäesche Kalenner, eng Rei vun Échéancen an d'Haus. Dat ass notament traditionell Enn Mäerz, wa mer op Bréissel müssen eis Aktualiséierung vun eise Wuesstums- a Stabilitéitsplang eraginn, wou jo och fir dat lafend Joer, mä och fir déi Joren drop, scho wichtig Indikatiounen ze maache sinn, wat d'Ausrichtung vun der Budgets- a vun der Finanzpolitik vu Lëtzebuerg ugeet.

Dat wäert keng einfach Operatioun ginn. Net méi einfach wéi déi Jore virdrun. Vläicht souguer eng Grëtz méi schwéier, besonnesch wat d'Joer an den Exercice 2015 ugeet. Do kann et vläicht hëllefen, dass awer, och wann ech déi lescht Prognosen nach vun der Zentralbank vu gëschter kucken, dat wirtschaftlecht Émfeld an Europa - natierlech och mat de Répercussiounen hei zu Lëtzebuerg - e bësse méi positiv ass wéi dat, wat ee virun e puer Méint nach gemengt huet. Déi Zuele fir d'Joer 2013, mä och fir 2014 an 2015 bewege sech awer an de Prognose ronderëm e Wuesstum vun 2%, iwwert dee mer eis elo scho freeë praktesch.

D'Welt huet vill changéiert. Wann ee bedenkt, dass mer vun 1985 bis 2008 e Wuesstumsduerchschnitt hate pro Joer, dee praktesch bei 5% an der Moyenne louch. Elo freeë mer eis schonn, wa mer bei 2% leien. Dat weist awer trotzdeem, wéi och d'Welt changéiert a wéi eis Parametere och hei zu Lëtzebuerg musse changéieren, wa mer eis op déi nei Situatioun wëlle korrekt astellen.

Wichtig fir eis ass och, dass bei deem Budgetsprojet fir 2014, dee mer dann an e puer Woche wäerte vun der Regierung presentéiert kréien, och déi europäesch Budgetsnorm ze respektéieren ass. Et ass fir eis ganz kloer, dass dat muss esou sinn. Et ass net gutt, dass mer eis eigentlech vun deem Normativen ewechbeweegt hunn iwwert déi lescht laang Joren. Et ass, mengen ech, richtig, dass mer do erëm zu där dote Budgetsnormsystematik zrëckkommen, déi och eng gewësse Flexibilitéit beinhalt, déi also duerchaus ka reagéieren, wa se dat allgemengt Émfeld an deem engen oder an deem anere Sënn verännert.

Fir de Rescht, mengen ech, ass alles vum Rapporteur schonn inhaltlech zu deem heite Projet gesot ginn. Als sozialistesche Fraktioun begreisse mer ausdrécklech déi Regelung, déi fonnt ginn ass, wat de Rentenajustement ugeet, fir dëst Joer respektiv dat Joer drop. A fir de Rescht wäerte mer natierlech als LSAP-Fraktioun deen heite Projet stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Bodry. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, meng Virriedner alleguerte bis elo, hunn am Fong geholl dat Elementaarst gesot.

Ech kann am Numm vu menger Fraktioun, vun der grénger Fraktioun, deem nëmmen zoustëmmen. Dofir bleiwe mer just nach e puer kleng Remarquen ze maachen. Fir d'Éischt emol, mengem Kolleg, dem Eugène Berger, Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi e sech gemaach huet, souwuel fir de schréffleche wéi och fir de mëndleche Rapport. Mir wäerten hie jo dann eng nächste Kéier erëm hei gesi fir...

(Interruption)

...méi en interessanten a méi politeschen Deel vum Budget.

Dëse Projet de loi ass, Dir Dammen an Dir Hären, och fir ons, fir déi gréng Fraktioun, en

Iwwergang. Et ass eng Mesure, déi mir gesinn och als eng reng technesch Noutwendegkeet, fir kënnen déi nächst véier Méint ze assuréieren; et ass schonn hei gesot ginn, an dat vun de Paie bis zu deem klengste Subsid, esou wéi e bis elo nach definéiert ass.

Mir sinn ons och bewosst, dass an dësem Budget - déi véier Zwieleffel - eng Rei Artikelen opgezielt sinn, déi eng Rei Politiken duerstellen, déi d'Regierung mat Sécherheet net esou wëllt an dann och wahrscheinlech net esou wäert weiderféieren. Dofir kënne mer ons och virstellen, zum Beispill, dass d'Regierung op eng Rei vu Punkte wahrscheinlech déi Budgete vläicht méi differenzéiert, vläicht net ganz ausschöpfe wäert. An an deem Sënn ass et och esou e bësse wéi de Kolleg Bodry gesot hat, dass mer eigentlech schonn indirekt en Deckel e bëssen op verschidde Budgetartikelen wäerte kënnen halen.

Awer wat wichtig ass, an dat ass och schonn hei ennerstrach ginn, dat ass, dass dëse Budget der Regierung déi noutwendeg Zäit gëtt, déi se brauch, fir éischt Akzenter ze setzen an hirer Politik am Allgemengen, awer och an hirer Finanz- a Budgetspolitik am Spezifischen. Éischt Akzenter, déi selbstverständlech aus dem Regierungsprogramm wäerte geschöpft ginn.

D'Prioritéiten, déi ugekënnegt gi sinn, déi festgeschriwwen gi sinn am Regierungsprogramm, déi debattéiert gi sinn d'lescht Woch, wéi zum Beispill de Logement, d'Kanner an d'Schoul, awer virun allem och de Kampf géint de Chômage an d'Cohésion sociale, déi och net zum Nulltarif ze kréien ass hei an dësem Land.

An dann, wat och scho gesot ginn ass: Ech denken, dass awer schonn am Budget 2014 éischt Aspekter vum Screening oder vum Zero based budgeting kënnen dra virkommen. An ech denken, dass dat och wichtig ass, well et e wichtegt Zeeche gëtt, wéi ee bei sech kann och ufänken. A sécherlech och, well sech net alles an dëser kuerzer Zäit kann am Budget 2014 erëmfannen, wann een dat wëllt op eng propper a professionell a verantwortungsvoll Manéier maachen, mä, denken ech, kënnt mat Sécherheet och eng zweet Phas, wou mer méi eng gezielt an dofir awer och méi eng effizient a méi gerecht Politik vu finanzieller Hëllef wäerten erëmfannen.

Fir dat Zil ze erreechen a kënnen verantwortungsvoll ze schaffen, brauch d'Regierung effektiv déi noutwendeg Zäit, an héchstwahrscheinlech iwwert deen Dräivirelsbudget 2014 eraus. Déi noutwendeg Zäit, fir déi richtig Analysen duerchzerechnen an duerchzespillen. Déi noutwendeg Zäit, fir méiglech Répercussiounen vun deene verschiddene Modellen ze estiméieren a se mat der Zilsetzung, déi se sech ginn huet, géigeniwwer ze setzen. An dann denken ech, wat och wichtig ass, dat ass d'Indicateuren opstellen, fir eng regelméisseg Evaluatioun, jo souguer Kontroll vum System kënnen ze assuréieren.

An dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen dës nei Approche, déi mer sécherlech wäerten 2014 an enger éischter Phas erkennen a virun allem och an deene Joren duerno. Mir brauchen dës nei Approche an der Opstellung vun engem nationale Budget. Eng Approche, déi wäitsichteg programmiert, jo och nohaltege programmiert. A virun allem, déi déi verschidde Politiken aus de verschiddene Ressorten openeen ofstëmmt. An dat ass jo och en deklaréiert Zil an der Gouvernance vun dëser Regierung.

An dofir, a fir dësen neien a wichtigen Erausforderung vun der Regierung déi Zäit ze ginn, wëll ech heimat den Accord selbstverständlech gi vun der grénger Fraktioun zu dësem provisoiresche Budget. An ech mengen, domadder hätt ech komplementär zu deem, wat schonn alles gesot ginn ass, och nach onse grénge Pefferkär bäigefügt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Loschetter. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, dat hei ass wierklech en aussergewöhnlechen Exercice, wéi scho verschidde Virriedner dat hei ugeschnidden hunn. Wa mer wëssen, wéi mer soss eis Budgetsprozedur an eis Budgetdebatten heibannen hunn, dann ass dat hei sécherlech net domadder vergläichbar.

Et ass kloer, dass de Stat muss och vum 1. Januar u fonctionnéieren, souwuel op där enger Säit, wat d'Recetten ubelaangt, wéi op där anerer Säit, wat d'Dépensen ubelaangt. An dofir versteet een och, dass mer an dëser Situatioun



eben elo..., datt d'Chamber esou ee Gesetz muss hei stëmmen, fir iwwert déi berühmten Douzièmes provisoires eben déi Méiglechkeeten ze schafen, fir datt de Stat sengen Obligationen an deenen zwou Richtungen nokënn.

Et ass natierlech fir d'Parteien heibannen, fir déi eng méi liicht a fir déi aner méi schwéier, fir esou engem Projet zouzestëmmen. Fir eng Partei wéi d'CSV, déi vun der Majoritéit an d'Opposition geet, ass et méi liicht. Si huet éischens de Projet gemaach, zweetens stëmmt se elo engem Drëttel vun hirem Budget vum leschte Joer nach eng Kéier nodréiglech zou. Aus hirer Siicht, well deen esou gutt war.

An op där anerer Säit sinn natierlech zwou Parteien, déi an d'Majoritéit komm sinn, d'DP an déi gréng, déi d'lescht Joer, wéi déi gesamt Opposition, an dem Kader vun de Budgetsdebatten vum Budget vun 2013 am Fong kee gutt Hoer un deem Budget gelooss hunn, déi kommen dann heihinner a mussen elo, noutgedrongen, awer een Drëttel vun deem Budget nodréiglech guttheeschen an deem zoustëmmen!

Fir eis ass d'Situatioun méi liicht, mir kënnen konsequent op eiser Positioun bleiwen. Dee Budget war 2013 am Ganzen näischt, aus eiser Siicht, an en ass dofir och zu engem Drëttel dofir net besser. Dofir wäerte mir dann och géint dee Projet hei stëmmen.

(Interruption)

Här President, wëllt den Här Berger eppes soen?

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** - Da ka jo elo ee vun lech, Dir sidd jo zu dräi, een derfir stëmmen an zwee dergéint. Dann hutt Der och en Drëttel zougestëmmt.

► **M. le Président.** - Jo, ech géif datselwecht widderhuelen, wéi ech virdrun zum Här Gibéryen gesot hunn. Wann Der wëllt eppes soen, Här Berger, wann ech gelift, mell lech, an dann ass den Här Gibéryen doudsécher bereet fir e klenge Quiproquo.

Sou, an elo huet just den Här Gibéryen d'Wuert!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech sinn awer och elo bereet, dem Här Berger dorobber ze äntwerten. Den Här Berger hat virdrun hei gemengt, den Här Kartheiser, dee sech zu deemem Projet nach ni geäussert huet - ech hu mech an der Finanzkommission geäussert an hei -, den Här Berger hat gemengt, wann een dese Projet net géif stëmmen, da géif een domadder de Fonctionnaire vum 1. Januar un, während deenen éischte véier Méint am Joer, keng Pai méi zoukomme loosse.

Dat ass net esou schlëmm, Här President, wéi dat, wat den Här Berger d'lescht Joer gemaach huet. Well do hunn hien a seng Partei de Budget vum ganze Joer net gestëmmt! Dat heescht, wann et dem Här Berger dem leschte Joer no gaange wier, dann hätt d'ganzt Joer keen, inklusiv mir heibannen, eng Pai kritt.

Also, Här Berger, wann Der engem dat virwerft, fir dräi Méint oder véier Méint kréich e keng Pai, da musst Der drun denken, datt Dir de Budget d'lescht ganzt Joer net gestëmmt hutt. An domadder hätt also, laut Ärer Iwwerleeung, esou wéi Dir dat interpretéiert, d'lescht ganzt Joer kee Fonctionnaire hei am Land, vum Stat...

Da muss ech soen, Gott sei Dank, datt mer awer eng Majoritéit haten, déi de Budget gestëmmt huet, an datt der DP hir Iwwerleeungen zum Budget net zrëckbehale gi sinn! Soss wier dat awer e Chaos hei am Land ginn, wann dann d'DP... An ech kann nëmmen hoffen, Här President, datt an deenen nächste Méint a Joren, wou elo d'DP jo awer méi ze soen huet an deem Land, datt se dann awer anescht iwwerleeën, wéi dat elo grad virun enger Véirelstonn hei vum Rapporteur de Fall war.

► **M. le Président.** - Erlaabt Der, Här Gibéryen, dass den Här Berger eng Explikatioun dozou gëtt?

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** - Här President, ganz kuerz. Ech wollt just soen, datt mir...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech erlaben et.

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** - Mir haten awer aner Propositionen. Mir haten och Initiative geholl, fir aner Saachen ze proposéieren. Ech huelen un, datt den Här Gibéryen dann och elo aner Saache proposéiert, fir iwwert déi véier Méint ze kommen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här Berger, dat spillt keng Roll. Ech wäert elo och nach Saache proposéieren. Mä dat spillt keng Roll, datt Der dergéint gestëmmt hutt. A laut Ärer Interpretatioun huet een da géint alles gestëmmt an et

kéint näischt gemaach ginn. Et ass just dat, wat ech hei wëll kloerstellen.

Här President, ee Punkt, wou ech dann, fir dem Här Berger Satisfaktioun ze ginn, wëll kloerstellen, datt mat deemem Projet de loi och de Rentenajustement fixéiert gëtt. Mir wëssen, datt laut dem neie Pensionsgesetz, wat mer virun zwee Joer gestëmmt hunn, den Ajustement all Joers gemaach gëtt, an zrëckgekuckt gëtt fir den Ajustement vun 2014 op 2011 an 2012. An da gëtt festgestallt, datt do d'Lounmass ëm 0,3% zrëckgaangen ass. Dat kann een och emol soe fir déi Leit, déi ëmmer hei am Land soen, d'Lounmass géif hei am Land terrible séier wuessen. Op jidde Fall, an de Joren 2011/2012 ass d'Lounmass hei zu Lëtzebuerg, déi reell Lounmass, ëm 0,3% zrëckgaangen!

D'Chambre des Salariés huet dorobber opmierksam gemaach. An déi nei Regierung ass och direkt higaangen an huet deklaréiert, datt dat net géif a Fro kommen, datt d'Pensionne géifen ëm 0,3% gesenkt ginn, mä datt se géifen op hirem Niveau bleiwen. Wat se net esou haart gesot hunn an awer gemaach hunn, dat ass, datt déiselwecht Etüd ergëtt, datt fir den Ajustement vum 1. Januar 2015, gekuckt op d'Lounentwécklung vun 2012/2013, d'Lounmass ëm 0,4% an d'Luucht geet an datt déi an deemem Projet de loi och op null erfogsat gëtt. An domadder, seet d'Chambre des Salariés zu Recht, wa mer dann d'Joer erëmhunnen, déi zwee Joren erëmhunnen, dann hunn d'Pensionnen eng Upassung vun 0,1% net kritt.

A se maache souguer an hirem Avis eng Rei vu Berechnungen fir déi Leit, déi duerno an d'Pension ginn a virun allem am Joer 2016 an d'Pension ginn, wou 2012 de Facteur gekuckt gëtt, datt déi Leit souguer e gutt Stéck manner an hirer Pension kréien! A se seet souguer, et misst een de Leit recommandéieren, déi 2016 an d'Pension ginn, datt déi virum 1. Januar 2016, also spéitstens den 31. Dezember 2015 an d'Pension ginn, fir net dee Verloscht ze kréien, deen duerch deesen Ajustement entsteet! Dat huet d'Chambre des Salariés gesot.

An dann deen zweete Punkt, wat och elo heimadder festgeluecht gëtt, dat ass, datt mer net nëmme jo d'Dépense kucken, mä de Stat zitt jo och seng Steieren an. An ech ka mech erënneren, datt vill Politiker, déi haut an der Majoritéit sinn, och ëmmer hei d'Remarquen als Oppositionspolitiker gemaach hunn, datt d'Steiertabell net un d'Inflatioun ugepasst gëtt. Wa mer elo déiselwecht Steieren hei viruféieren, zumindest déi éischt véier Méint, also gëtt och déi nächst véier Méint am nächste Joer d'Steiertabell net un d'Inflatioun ugepasst, esou wéi dat am Fong ëmmer verlaangt ginn ass! Vlächet geet déi nei Regierung hin a seet, datt vum 1. Mee u se géif ugepasst ginn. Mä déi véier éischt Méint gëtt se net ugepasst.

Här President, ech war iwwerrascht, datt mer elo... An der neier Chamber hu mer jo och nei Leit kritt, wat gutt ass, fir datt mer ëmmer erëm nei Iddien hei erakréien. A mir hunn och Leit erakritt, déi Gewerkschaftssekretär sinn, zwee Gewerkschaftssekretäre beim OGB-L, an ech war frou ze liesen, datt de President vum OGB-L a senger Fonctioun als President vun der Chambre des Salariés verlaangt huet, datt den Ajustement misst integral 2014 bezuelt ginn an och déi Berechnung gemaach huet, déi dat hei mat sech bréngt, nämlech déi negativ Tendenz fir d'Pensionären.

An eng Gewerkschaft, déi ëmmer verlaangt huet, datt d'Steiere missten un d'Inflatioun ugepasst ginn, do hätt ech net geduecht, datt direkt an der éischter öffentlecher Sitzung, déi dëst neit Parlament huet, schonn déi Gewerkschaftssekretären am Fong géint hir Prinzipien als Gewerkschaftler, géint d'Fuerderungen vun hirer Gewerkschaft, géint de Bréif, den Avis, dee vun hirem President ënnerschriwwen ass, direkt den éischten Dag hei schonn et esou fäerdegbréngen, esou massiv géint d'Interesse vun deenen ze stëmmen hei an der Chamber, déi se esou haart virun de Wahlen dobausse vertrueden hunn.

Mir bleiwen eis konsequent a stëmmen dergéint!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Justin Turpel agedroen. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Ech soe Merci fir d'Wuert. Et ass normal, datt an enger Period wéi där heiter keen ordinäre Budget virläit. Et ass och normal, datt ee provisoiresche Budget gestëmmt gëtt iwwert Douzièmes provisoires op Basis vum Budget vun 2013. Et ass och üblich, datt am Budgetsgesetz eng Rei aner Froe

geregelt ginn, wat net ëmmer heescht, datt ee mat all deene muss d'accord sinn. Eng vun deene Froen, déi hei matgeregelt gëtt, ass déi vum Rentenajustement, dat heescht d'Upasse vun de Pensionen, Renten un déi allgemeng Lounentwécklung.

Wat de Rentenajustement ugeet, wëll ech kuerz drun erënneren, datt d'UEL, grad wéi den Internationale Währungsfond an d'EU-Kommission eigentlech ëmmer d'Ofschafung vum Rentenajustement gefuerdert hunn. Och d'DP huet an hirem Wahlprogramm gesot, de Rentenajustement soll ofgeschafft ginn an et misst souguer méi Eegevirusuerg gemaach ginn, dat heescht déi privat Pensionsversicherungen misste gefërdert ginn.

An der Pensionsreform, déi den Datum dréit vum 21. Dezember 2012, goufen eng Rei Mechanismen agefouert, fir op Käschte vun de Pensionéierten a vun deene Beschäftegten ze spueren. Eng vun deene Moosnamen ass déi, wann d'Ausgaben an engem Joer d'Einnahmen iwwert d'Beitrag iwwerschneiden, datt dann ee Facteur modérateur agefouert gëtt, deen den Ajustement, deen all Joers fälleg ass, op 0,5 oder op 0 fixéiert. Et ass ugeholl ginn, datt dat ongeféier 2018, 2020 kéint de Fall sinn. Dat ass d'Ofschafung vun deem Rentenajustement, déi UEL, IWF an EU-Kommission mat der DP ëmmer gefuerdert hunn.

Elo gëtt festgestallt, datt d'Reallounentwécklung 2011/2012 minus 0,3% war. Eleng iwwert dee Facteur vun enger Reallounentwécklung vu minus 0,3% misst een eigentlech méi seriö emol eng Kéier diskutéieren, well et ass jo kee linearen, duerchschnëttleche Reallounverloscht vun 0,3%, mä deen trifft d'Leit jo op ganz ënnerschiddlech Aart a Weis. An ech sinn iwwerzeegt, datt et net déi lewescht sinn, déi am meeschte verluer hunn, an déi Ennescht, déi am mannste verluer hunn, mä datt et ëmgedréint ass.

2012/2013 gesäit et aus, wéi wann d'Reallounentwécklung plus 0,4% wier. An elo seet d'Regierung, souwuel déi al wéi déi nei, kommt mir fueren net Achterbahn mat de Leit, 0,3% erof, 0,4% erop, mä mir maachen zweemol de Facteur modérateur op null. Mä domadder gëtt net nëmme verhënnert, datt et 2014 ëm 0,3% erfoget, mä et gëtt och verhënnert, datt et 2015 ëm 0,1% (veuillez lire: 0,4%) eropgeet. Dat heescht, d'Rentner an d'Pensionäre kréien 0,1% geklaut! Elo kann ee soen, datt ass net vill, Peanuts. Mä et ass alt erëm ee Stéck méi.

Ech wëll drun erënneren, datt den Ajustement, deen den 1. Januar 2013 fälleg war vun 1,5%, scho virdrun ersatzlos gestrach ginn ass. Ech wëll och drun erënneren, datt deemools an engem oppene Bréif verschidde Leit geschriwwen hunn, datt do déi Leit gestrooft ginn, déi hiert Liewe laang aktiv zum sozialen a wirtschaftlechen Erfolleg bäigedroen hunn. An dat, wat ech elo gesot hunn, ass een Zitat aus engem oppene Bréif vum Henri Kremer, President vun der OGB-L-Spektioun, Nico Wennmacher, President vum Secteur Pensionéierter vum Landesverband, Carlos Pereira, Guy Greivelding a Jean-Claude Reding.

En plus ass et esou, datt déi Erspuernis, déi deemools gemaach ginn ass vun zwielef Milliounen fir de Stat, plus 75 Milliounen fir d'Pensionskeess, héchst fragwürdeg ass, well wat vu Steieren ausgefall ass, iwwerschreit wahrscheinlech dee Betrag, deen do gespuert ginn ass. A wa mer soen, mir wieren deemools do dergéint gewiescht an och haut nach dergéint sinn, ass dat och am Interessi vun deene Jonken, déi och muer nach eng uerdentlech Pension wëllen an ëmmer méi gestrépt ginn.

Ech wëll och drun erënneren, datt virdu schonn zweemol den Ajustement verschobe ginn ass. Datt d'Pensionsgesetz vun 2012 och virgesäit, datt een Décalage supplémentaire kënnt fir d'Upassung vun deenen neie Pensionne vun deene Leit, déi a Pension ginn, op véier Joer, wou d'CSL ausgerechent huet, datt dat ee permanente Verloscht gëtt vun 1,8%.

Ech wëll erënneren un d'Indexmanipulationen, déi vun 2006 bis 2009 de Salariéen zu Lëtzebuerg, och de Pensionären, 1,5 Milliard kascht hunn an déi och elo soll weidergefouert ginn. Ech wëll un aneres erënneren, wou vill Leit mengen, et wiere Klenggegkeeten: d'Seniorekaart, déi ëm 100% an d'Luucht geet, oder d'Steierdiskriminierung vu Wittfraen a Wittmänner a vu gescheete Leit. Ech stelle fest: Dir huet et bei deene Klengen a gitt et deenen Décken!

Zum Vote. Och wa mir net d'accord ware mam Budget vun 2013, misst een eigentlech d'accord si mat engem Budget provisoire, dee just

déi Sue libelléiert, déi ee bräicht, fir effektiv am neie Joer d'Paien ze bezuelen. Wann dat hei elo een neie Budget wier, wier et ganz kloer, datt mer dergéint géife stëmmen.

Mir soen och nee zu deem Null-Ajustement. Et hätt ee jo och kéinten higoen, wéi d'CSL an d'Gewerkschaften dat fuerderen, fir den Ajustement 2015 weider spillen ze loosse. Dofir hätte mer missen en Accord hunn, fir e Vote séparé iwwert dat Gesetz, iwwert deen Artikel ze maachen. Deen Accord hu mer net. An aus all deenen Ursaache vun derfir an dergéint wäerte mir eis bei deemem Projet enthalen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Turpel. D'Wuert huet dann elo d'Regierung, den Här Pierre Gramegna. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Hären Deputéierten, ech géif gäre fir d'Éischt allen, déi intervenéiert sinn, Merci soen. Haaptsächlech emol fir d'Éischt dem Rapporteur fir seng gutt Aarbecht a säin Asaz, allen Acteuren an der Finanzkommission an all deenen, déi elo intervenéiert sinn.

Deen heite Budget ass net richtig e provisoiresche Budget. Et ass en Transitionsbudget, well et ass e Budget, dee gëtt gestëmmt, dee fonctionnéiert wierklech elo während véier Méint. An et ass en Zeeche vu Kontinuitéit vun eisem Stat. Dofir mengen ech, dass et eng ganz gutt an eng ganz rasonabel Décisioun ass, dass esou vill Parteien derfir stëmmen.

Ech géif gär der viregter Regierung félicitéieren, fir deen dote Schrëtt geholl ze hunn. Si hätt jo kënnen e ganze Budget stëmmen, wollt se net, well Wahlen dertëscht waren. Si hätt och kéinte guer näischt maachen. Si huet léiwer déi dote Léisung gewielt vun den Douzièmes provisoires, déi mer, wéi mer héieren hunn, zu Lëtzebuerg emol kannt hu viru laanger Zäit, an dat war eng Gewunnecht, déi mer Gott sei Dank verluer hunn.

Ech huelen och zur Kenntnis, wat den Här Bodry gesot huet, dass mer eis wierklech Gedanken musse maachen, ob mer déi Prozedur net mussen e bësse besser regelen - jee no deem wéi eise Kalenner geet, kann dat méi oft geschéien. An haaptsächlech hu mer europäesch Contrainten, déi et vill méi schwéier maachen, eise Budget a kuerzer Zäit ze preparéieren an ze votéieren.

Ech mengen och, dass déi ganz europäesch Contrainte, déi ech zwar kannt hunn, mä déi ech elo ëmmer méi entdecken, ëmmer méi staark gëtt an dass d'Marge de manœuvre, déi mer hunn, fir eis Budgeten ze maachen an ze stëmmen, méi kleng gëtt. An déi Contrainte huet déi viregt Regierung scho kannt an déi wäerte mer nach ëmmer méi als nei Regierung kenneléieren.

Mir hunn d'Kritiken oder d'Amendementen vum Statsrot alleguerten ugeholl. Mir hunn eng Rëtsch Amendementen proposéiert; déi meescht vun deene ware justifiéiert a konnten och vum Statsrot ënnerstëtzt ginn. Et hat haaptsächlech domat ze dinn, datt mir verschidde Mesuren hu missen ëm e puer Méint méi laang ausdehnen. Déi eng Measure, déi de Statsrot net positiv beuerteelt huet, hu mer aus dem Projet erauszun.

Wat d'Pensionen ubelaangt, mengen ech, dass d'Solutioun, déi gewielt ginn ass, eng fair Léisung ass. Si gëtt eng gewësse Stabilitéit, bréngt mat sech, Gott sei Dank, dass d'Leit net elo 0,3 verléieren, fir dann herno 0,4 ze kréien. Ech mengen zwar, dass déi Ziffer vun 0,4 och nach ëmmer nëmme provisoiresch ass. Si ass nach net definitiv, dat muss jo nach ausge-rechent ginn. Dofir wësse mer nach guer net, wéi vill déi dote gëtt. An dofir, mengen ech, dass déi Stabilitéit an der Zäit eng gutt Saach ass.

An dann, vu dass d'Leit déi 0,3% jo op den 1. Januar net verléieren, hu se jo do e Gain op engem Joer. Dee Gain ass sécher, während dat, wat se hypothesesch verléieren, wéi gesot, dass deen Taux vun 0,4 net definitiv ass. Dat ass och dann eng Rechnung, déi net ganz komplett ass. Dofir fannen ech, dass dat eng gutt Léisung war.

Ech wëll e puer Wuert soen och iwwert d'Trésorerie vum Stat, well déi Fro ass an der Commission des Finances et du Budget gestallt ginn.



Ech hunn dat nokucke gelooss. Mir hu genuch Liquiditéiten zur Verfügung fir déi kommend Méint a mir hunn och nach Sputt an den Emprunten, déi vun dëser Chamber genehmegt gi sinn, falls dat an där Period misst néideg sinn. Mat deenen zwee Elementer komme mer ouni Problemer fir déi nächst véier Méint iwwert d'Ronnen.

Ech wäert lech Mëtt Februar e Projet de budget hei presentéieren. An dee Budget muss jo virun Enn Abrëll gestëmmt ginn. Wéi richteg gesot ginn ass vu verschiddenen Intervenanten, ass et net ze erwaarden, dass mer do en totale Screening vun allen Depensé wäerte kënnen maachen. Dat ass eng Aarbecht, déi hält ganz vill Zäit. Mir wäerten déi Aarbecht maachen, mä d'Repercussiouen dovun wäert wahrscheinlech eréischt am Budget fir 2015 komplett zur Geltung kommen. Wa mer awer Saache méi fréi fannen, wäerte mer se natierlech utiliséieren.

Zweetens wäerte mer natierlech Akzenter setzen an deem Budget op Basis vun deene Saachen, déi am Koalitiounsprogramm zrëckbehalen gi sinn.

Zum Schluss wëllt ech nach soen, dass mer eis och ganz staark wäerten un de Recommandatiounen, déi mer vun Europa kréien, inspiréieren, och wat d'Normes budgétaires européennes ubelaangt. Ech mengen, dass dat e ganz wichteg Punkt ass. An dat ënnersträicht erëm eng Kéier, dass mer net méi eleng am Boot sinn am Budget, dee mer fir Lëtzebuerg maachen. A wa mir dat Land sinn, wat vläicht nach déi mannste Budgetsschwieregkeeten huet, oder op d'mannst eent vun de Länner sinn, wat déi mannste Budgetsschwieregkeeten huet, verglach mat eise Kolleegen aus der Eurozon oder an Europa, ass et nun awer emol esou, dass déi europäesch Manéier, fir dat ze kucken, ëmmer verglach gëtt mam Land selwer. An dass mer do also - et ass wéi op enger Zensur - ëmmer musse Progrès maachen a mer net kënnen do verfalen.

Ech wäert och elo, nodeem dës Debatte fäerdeg sinn, erëm zrëck op Bréssel fueren, wou den Eurogroup den Owend zesummekënnt a mar den ECOFIN, wou d'Bankenunioun vläicht finaliséiert gëtt - e Kompromëss schéngt a Siicht ze sinn. Dat beweist eis erëm, wéi wichtig Europa fir eis ass, a wat fir eng grouss Roll et an eisem alldäeglechen Liewen an och fir eis Finanzplaz a fir eise Stat spillt.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanzminister. Mäi wäeren domat, wann ech dat richteg gesinn, um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer géifen zum Vote iwwert de Projet de loi 6630 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6630 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. De Vote par procuration. Enn vum Vote.

De Projet de loi 6630 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexandre Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Wëllt ee seng Abstention motivéieren?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da géif ech nach d'Fro stellen, ob d'Chamber d'accord ass, fir de Projet vum zweete Vote constitutionnel ze entbannen.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 6580. Dobäi geet et ëm déi finanziell Bedeelegung vum Stat bei der Moderniséierung vun der Kläranlag Nordstad/Bleesbréck. Dir wësst, dass de Riedezäitmodell deen ass vum Modell 1. Ageschriwwen sinn: d'Häre Marco Schank, Roger Negri, Gusty Graas, Gast Gibéryen a Justin Turpel.

An d'Wuert huet den honorabelen Här Rapporteur, den Här Henri Kox. Dir hutt d'Wuert.

6. 6580 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station d'épuration de Nordstad/Bleesbruck

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President.

Dir Dammen an Hären, de Gesetzesprojet 6580 ass a sech e Finanzéierungsgesetz. Sou wéi Der virdru richteg gesot hutt, Här President, geet et drëms, dass de Stat hëlleft d'Kläranlag vun der Bleesbréck, besser gesot, déi vun der Nordstad, éischters ze erweideren an zweetens op den neiste Stand vun der Technik ze bréngen.

D'Kläranlag selwer ass aus de Joren '63, mëttlerweil kënnt Der lech jo virstellen, dass do eng ganz Rei weider Uertschaften ugeschloss goufen, dass natierlech och ganz anescht vis-à-vis vun Europa respektiv vun den Obligatiounen, wat am Ëmweltberäich uläit, eng Verbesserung komm ass, soudass et onerlässlech ass, dass déi Kläranlag muss erneiert ginn.

Et sinn zwee Punkten an dësem Gesetz virgesinn. Den éischte Punkt ass d'Erweiderung an d'Klärung selwer, dat heescht se op den neiste Stand ze bréngen. An dat beleeft sech op 46,3 Milliounen.

An den zweete Punkt ass natierlech, dass déi Kläranlag aus de Joren '63 war an dass do eng Rei vu Pollutiounen entstane sinn um Site selwer, an déi mussen dann entsprechend och erëm ewechgemaach ginn. An dee Betrag beleift sech op zwou Milliounen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Firwat si mer haut iwwerhaupt hei? Et ass kloer, wann e Gesetz iwwer 40 Milliounen usteet, muss, laut der Constitution, laut dem Artikel 99, e spezialt Gesetz gemaach ginn, also e Finanzéierungsgesetz, an dofir maache mer dat och haut hei.

E puer Sätz awer nach zum Contexte historique. Ech hu virdru gesot, d'Kläranlag ass aus dem Joer '63, deemools gebaut gi fir Ettelbréck an Dikrech mat engem Equivalent-habitant vun 62.000 Unitéiten. Deemools ware jo zu Dikrech an Ettelbréck Brauereien, Molkereien, an all Méiglech ass deemools an déi Kläranlag gefloss, soudass déi enger grousser Belaaschtung och huet misse standhalen.

Déi Kläranlag war awer deemools ënner staatlecher Regie a si ass eréischt '94 an den Nordsyndicat komm vum SIDEN a säitdem si si och responsabel dovun.

An Zwëschenzäit ass, mengen ech, de Groussraum Nordstad un där Kläranlag ugeschloss. Et wäerten och weiderhin nach weider Dierfer ugeschloss ginn, soudass et wierklech de Rôle ginn ass vun där Kläranlag, déi ganz Nordstad-Gemengen un enger performanter Kläranlag spéiderhin dann och ugeschloss ze hunn. Duerfir dës Erweiderung.

Nodeems '94 eben de SIDEN och d'Kläranlag iwwerholl huet, ass si higangenen 2003, fir dës Projet mat den néidegen Instanzen op dem Waasserwirtschaftsamt duerchzekucken, a si huet och e Bureau d'études beoptraagt, fir sech ze conformitéieren.

Dir wësst, dass eng ganz héich Belaaschtung an eise Gewässer mëttlerweil ass, nämlech insbesondere Nährstoffer, an déi Nährstoffer mussen eben erausgeholl ginn. Och ass d'Evolutioun vun der Populatioun an dem Beräich vun der Nordstad net ofzeweisen.

Haut ass d'Kläranlag eng vun de véier gréissten, a wann dës Erweiderung fäerdeg ass - a si geet nämlech vun 80.000 plus déi 50, déi projézéiert sinn, 50.000 Einwohnergläichwäerter -, komme mer op e Betrag vun 130 (veuillez lire: 130.000) Einwohnergläichwäerter, dat wär dann déi Zweetgréissten hei am Land, no Beggen an der Stad.

Mir hunn natierlech eng Urgence. Dir wësst, dass mer um europäesche Geriichtshaff veruerteelt gi sinn, well mer der Obligatioun net nokomm sinn, nämlech der Direktiv aus de Joren '91 - et ass schonn e bësse méi laang hir -, dass eis Gewässer engem gudden Zoustand zougefuert sollte ginn, an dofir sollte méiglechst schnell all eis Uertschaften u Kläranlagen ugeschloss ginn.

Dës hu mer leider verpasst, a mir sollten elo no vir kucken, well déi Zomm, déi mer elo de Moment ze bezuelen hunn, éischters e forfaitaire Betrag ass vun zwou Milliounen an nach eng Kéier all Dag zousätzlech 2.800 Euro, soudass mer all Interêt hunn, fir esou séier wéi méiglech dat och an d'Rei ze bréngen. Dofir ass dës Regierung gewëllt, esou séier wéi méiglech dat a Musek och ëmzesetzen.

Aus de Kommissiounssätzungen: Den 9. Dezember si mer fir d'éischte Kéier zesummekomm, wou mer de Projet analyséiert hunn. Et waren Avisé vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, déi virlouchen, awer selbstverständlech och déi vum Statsrot. An de Statsrot, dee säin Avis den 8. Oktober 2013 ginn huet, huet, besonnesch wat de finanzielle Volet ubelaangt, e puer Remarqué gemaach.

Et war nämlech net ganz eendeiteg erauszulesen, wéi déi Suen imputéiert ginn. Nämlech, déi 46,3 Milliounen gi ganz kloer aus dem Fonds pour la gestion de l'Eau, dat heescht aus dem Waasserfong, ervir. An dee Betrag vun zwou Milliounen, dee mer brauche fir d'Depollutioun, dee kënnt dann natierlech aus dem Fonds pour l'Environnement.

Dat war net explizit genuch am Gesetz virgesinn, dofir sinn déi Remarquen do entsprechend eragefloss. Also nach eng Kéier de Rappel: 46,3 Milliounen aus dem Fonds pour la gestion de l'Eau an zwou Milliounen aus dem Fonds pour la protection de l'Environnement!

Wichtig ass awer och nach ze soen, dass dee Betrag, deen do ernimmt gouf, sech op e Präisindex vun der Konstruktioun mat der Valeur 725,25 zum 1. Oktober 2012 berëfft.

Et war awer och wichtig, nach op ee Punkt anzegoen, wa mer iwwer Finance schwätzen. Do huet e Member vun der Kommissioun drop higewisen, dass an dësem Projet selwer schonn eng ganz Rei vun Aarbechten duerchgefouert gi sinn. Déi Aarbechte belafe sech mëttlerweil op 5,5 Milliounen, e bësse méi. Dass déi awer schonn engagéiert goufe vun dem Syndicat an dass déi 46,3 Milliounen dat net beinhalten.

Dat heescht, et ass eng Fiche technique oder Fiche financière, déi integrale Bestand vun dësem Gesetz ass, wou ganz kloer drop higewise gëtt, dass u sech de Montant total, dee sech hei fir d'Sanéierung vun der Kläranlag ergëtt, 51,7 Milliounen ass. Do ginn déi 5,5 ofgezunn, déi schonn u sech an der Vergaangenheet vum SIDEN engagéiert goufen, soudass mer elo op dee Betrag vu 46,3 Milliounen kommen.

Den 11. Dezember an dëser Kommissioun gouf ech dann zum Rapporteur ernannt. Mir hunn déi Ännerungen eestëmmeg, entsprechend dem Gesetz, duerchgeholl. Mir hunn d'Gesetz entsprechend och ugepasst, well déi Proposen och direkt vum Statsrot komm sinn, soudass net nach eng Kéier e Va-et-vient gemaach muss gi mat dem Statsrot.

Soudass och dann dës Projet eestëmmeg an der Kommissioun ugehall gouf an ech bieden lech, och dësem Projet kënnen zouestëmmen. An ech géif och gläichzäiteg mäin Accord vun der grénger Fraktioun bäisteieren.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Et ass elo un dem Här Schank, fir eis seng Vuen ze presentéieren. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marco Schank (CSV).**- Madame Présidente, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir

d'Éischt emol wollt ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Henri Kox, Merci soe fir säin detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport zu dësem Projet.

An Dir hutt héieren, am Rapport ass däitlech ginn, wéi noutwendeg datt et ass fir dës Finanzéierungsgesetz, fir d'Upassungsaarbechten, d'Vergréisserungsarbechten op der Bleesbréck, vun der Kläranlag Nordstad, wann een esou wëllt soen, fir déi esou séier wéi méiglech op an och iwwert den Instanzewee ze bréngen. A fir datt et selbstverständlech méiglechst ganz konkret och séier ka mat den Aarbechten um Site, um Terrain ugoen, vun der Bleesbréck.

Dës Urgence, de Rapporteur huet et gesot, steet natierlech och am Kontext vun deem Arrêt vun der Cour de justice, wou Lëtzebuerg zu verschiddene Sanktiounen condemnéiert gouf. Mä ech mengen, d'Urgence ergëtt sech och aus dem Waasser- an Ëmweltschutz, dee mer jo eis méiglechst séier wënschen op ville Plazen hei am Land.

An duerfir ass et och gutt, datt déi viereg Regierung, an elo déi heite Regierung gekuckt huet, fir dës Projet direkt a séier elo op den Instanzewee ze bréngen. An duerfir begréisst meng Fraktioun, datt mir haut och dës Projet stëmme kënnen.

Déi Responsabel vum Ofwaassersyndikat SIDEN, deen iwwregens insgesamt 35 Gemenge regruppéiert, déi hu jo schonn däitlech gemaach, datt, soubal d'Autorisatiounen all virleien, d'Ausschreiwunge kënnen gemaach ginn, fir dann och de Projet an deene beschten Délaie kënnen ze realiséieren. An ech mengen, si sinn déi Éischt, déi 35 Gemengen, déi en Interêt drun hunn, datt de Projet realiséiert gëtt an datt se wëllen de Projet och méiglechst séier fäerdeg gesinn.

D'Infrastrukturen op der Bleesbréck sinn natierlech an deene vergaangene Joren ëmmer erëm ugepasst ginn, entsprechend der Populatioun, déi gewuess ass, virun allem am Norden, an der Nordstad, mä awer och an deenen Uertschaften, déi no an no bäikoumen. Mä et ass net nëmme d'Populatioun, déi gewuess ass, och déi ekonomesch Aktivitéiten hunn zougeholl.

Wann ech kucken, datt d'Zones d'activités gewuess sinn, datt der bäikomm sinn, a wann ech de Plan sectoriel «Zones d'activités» gutt am Kapp hunn, da kommen der nach derbäi, Verschiddener. Ënner anerem déi vum Fridhaff, den ZANO, wat, mengen ech - ech kucken de Claude Haagen - eng 45 Hektar insgesamt wäerten duerstellen, déi zousätzlech dann och an d'Bleesbréck herno wäerten ausschëdden.

An eleng wann een d'Einwohnergleichwerte kuckt, an de Rapporteur huet se gesot, 130.000 Unitéiten, da gesäit een, wéi wichtig déi Anlag ass, net nëmme fir d'Nordstad oder den Norden - kann ee roueg soen -, mä och fir d'Waasserqualitéit vun der Ennersauer, wat jo e wesentlechen Aspekt ass. Also eng Kläranlag, déi wichtig eigentlech ass fir eist Land.

Wann een d'Chronologie kuckt vum Dossier Kläranlag Bleesbréck, da fält engem natierlech op, datt een herno ka soen: „Majo, et hätt alles méi séier a besser kënnen geschéien.“ Dann därerf een awer och déi extrem Komplexitéit an déi grouss Technicitéit, déi deen Dossier huet, net ënnerschätzen!

An et sinn zum Beispill eng ganz Partie Diskussiounen ginn, fir méiglechst prezis och déi noutwendeg Sanéierungscapacitéit ze fixéieren, well dat ass jo e wesentlechen Aspekt. „Do kann een net einfach draschloe wéi d'Sau an de Weesbräi“, wéi mir am Norde soen, mä et muss ee prezis definéieren, fir datt herno de Prozess och vun der Sanéierung fonctionnéiert.

An duerfir sinn eng Partie Simulatiounen gemaach ginn, eben och am Kontext net nëmme vun der Bevëlkerung, déi dat ugeet, mä och am Kontext vun den ekonomeschen Aktivitéiten, déi an deenen nächste Méint a Joren an der Nordstad a ronderëm d'Nordstad sollen derbäikommen.

Esou eng Diskussioun, just fir dat Beispill ze soen, war och d'Luxlait, wou laang diskutéiert gouf: Mécht d'Bleesbréck déi Sanéierung oder mécht d'Luxlait se selwer? An Dir wësst, wéi et ausgaangen ass, datt schlussendlech dann d'Luxlait selwer déi Sanéierung da bei sech elo iwwerhëlt.

Ben, onofhängeg dovunner, wat ee bei dësem Projet Kläranlag oder bei deenen anere Projete vu grousser Kläranlagen hätt kënnen méi séier oder besser maachen an der Vergaangenheet, fir eis och a Conformitéit vun der Direktiv '91/271 ze setzen, sinn an deene leschte Joren awer enorm Ustengunge gemaach gi fir eng